PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/01/2022

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Cultes weiderzeleeden.

An der Vergaangenheet hunn ech e well Froen un de Minister gestallt, fir verschidden Disparitéiten tëscht der Reliounsfräiheet an anere Reschter unzeschwätzen.

Am Fall vum Aféiere vun enger Impfflicht kéint et sinn, dass verschidde Reliounsgemeinschaften oder Sekten eng Impfflicht opgrond vu reliéise Grënn refuséieren. Eng Entscheedung, déi net wéi zum Beispill am Fall vun enger Bluttspend, nëmmen d'Persoune selwer betrëfft. Géifen Ausnamen aus reliéise grënn akzeptéiert ginn, wier den Impffschutz vun der gesamter Bevëlkerung méi kleng.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Am Artikel 19 vun der Verfassung heescht et:

   "*La liberté des cultes, celle de leur exercic public, ainsi que la liberté de manifester ses opinions religieuses, sont garanties, sauf la répression des délitgs commis à l'occasion de l'usage de ces libertés.*"

   Dëst Recht ass awer net absolut, esou huet d'Cour Constitutionnelle zum Beispill am Kader vun der Schoulflicht decidéiert, dass

   "*l'étendue de la liberté des cultes ne saurait être telle que son exercice provoque des difficultés susceptibles de perturber [...] le système éducatif*"

   Geséit de Ministère d'Liberté des cultes als absolut Recht un, oder huet dëst Recht net och Limitten, wann et ëm d'Egalité de traitement geet?

2. Wéi wäert am Fall vun enger Impfflicht mat engem Refus aus reliéise Grënn ëmgaange ginn?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc

Député